STÉPHANIE EMPAIN
DEPUTÉIERT

D'Stéphanie Empain (Joergang 1983) ass eng lëtzebuergesch Politikerin vun déi gréng. Zanter 2018 ass si Deputéiert a Presidentin vun der Chamberkommissioun fir bannenzeg Sécherheet a Verdeedegung. D'Stéphanie Empain ass bestuet, Mamm vun zwee Kanner a wunnt zu Ierpeldeng bei Wolz.

No hirem Studium vun de Politikwëssenschaften an enger zweejäreger professioneller Erfarung beim Etat-Major vun der Lëtzebuerger Arméi, déi hiren Interessi an d'Sécherheets- a Verdeedegungspolitik ugereegt huet, huet si de regionalen Office du tourisme „Ardennes luxembourgeoises" 6 Joer laang geleet. Als fréier Athletin ass d'Stéphanie Empain och staark am Beräich vun der Sportpolitik engagéiert, an zanter Dezember 2018 ass si Presidentin vun der „Lëtzebuerger Liichtathletik Federatioun" (FLA).

Der Stéphanie Empain hir politesch Schwéierpunkter si bannenzeg Sécherheet, Verdeedegung, Baussepolitik, Mëttelstand an Tourismus.

CONTACT

Stéphanie Empain
Députée
4, rue du St. Esprit
L-1475 Luxembourg
sempain@chd.lu
(+352) 46 37 40-1

Parlamentaresch Kommissiounen

- **Bannenzeg Sécherheet a Verdeedegung (Presidentin)**
- **Ëffentlechen Déngscht (Vizepresidentin)**
- **Justiz**
- **Mëttelklass an Tourismus**
- **Ëmwelt & Klima**
- **Baussepolitik, europäesch Ugeleeënheeten, Kooperatioun, Immigratioun an Asyl**

Parlamentaresch Delegatiounen

- **Conférence interparlementaire pour la PESC et la PSDC (Presidentin vun der Delegatioun)**
- **Groupe de contrôle parlementaire conjoint d'Europol (Suppleant)**
- **Interparlamentaresche Scoutsgrupp**

Weider Mandater a Funktiounen

- **Lëtzebuerger Liichtathletik Federatioun (Presidentin)**